



**HANDBALL.**  
BETTEMBOURG

## Pressemitteilung Dammen HBB

Wéi d'FLH matgedeelt huet, sinn d'Championnater bedéngt duerch d'Sanitär Kris ronderëm de Corona-Virus ofgeschloss. Well domat d'PlayOff's net op en Enn gespilt kenne ginn, iwwerléisst d'Federatioun et dem Handball Bettembourg, op d'Dammenequipe an der kommender Saison an der AXA League spillt oder an der Promotioun bleift.

Als éischt wëlle mir de Championen HB Esch a Käerjeng gratuléieren, och wann et eng aussergewöhnlech Situatioun ass, esou hunn si dësen Titel verdéngt.

Fir den HBB ass et eng grouss Eier, als kleng Club d'Méiglechkeet ze kréien an der éischter Divisioun ze spillen. Ma d'Entscheidung ass fir de Club awer net esou einfach. Engersäits ass den Opstig mat enger grousser finanzieller Erausforderung fir esou e kleng Club wéi den HBB verbonnen. Virun allem duerch den Ausfall vun enger Reih Manifestatiounen déi lescht a kommend Wochen ass dëst fir den Handball Bettembourg keng einfach Situatioun. Mä dem Comité vum Club ass et wichteg, dass dëse Punkt net soll ausschlaggebend sinn, op eis Damme kennen „Uewen“ spillen oder net, dofir wäerte mir alles drusetzen, dass et vum finanzielle Standpunkt klappe géif.

En anere Punkt ass, dass et eis um Häerze läit, dass eis Spillerinne sech fir déi nei Erausforderung prett spieren an sech dem Challenge bewosst sinn. Dofir wëll de Comité d'Spillerinne net drängen opzesteigen, mä iwwerléisst dës Entscheidung ganz alleng der Equipe.

Dofir kann den HBB Stand haut net matdeelen, op eis Dammen déi kommend Saison wäerten an der éischter Divisioun spillen oder net. Mir wäerten dëst en Dëschdeg, no Récksprooch mat der Dammenequipe der Federatioun an Iech matdeelen.

Mir wëlle nach eng Kéier ënnersträichen, dass mir et als grouss Eier gesinn, kennen an der AXA League ze spillen, an de Club steet hannert den Dammen, egal wéi eng Entscheidung getraff gétt.